LSAP
MERTERT
WASSERBILLIG

De Comité an d'Membere vun der LSAP Mäertert-Waasserbëlleg, deele mat, dat hire laangjärege Member a President,

# Gust STEFANETTI

verstuerwen ass.

Mam Gust verléiere mir net nëmmen e Mann, deen zanter 44 Joer mat Iwwerzeegung Member vun eiser Partei war, mee virun allem e Frënd, e Kämpfer an e Mënsch mat engem groussen Häerz. Hien huet fir d'Wäerter vun der LSAP gelieft an huet sech mat onermiddlechem Asaz fir seng Iwwerzeegungen agesat.

Méi wéi 34 Joer huet hien als Gemengepolitiker d'Entwécklung vun der Gemeng Mäertert mat vill Engagement a Passioun gepräägt an dat besonnesch a senger Zäit als Buergermeeschter. Seng Stëmm, säi Rot a säin Asaz wäerten eis feelen.

Mir soen eisem geschätzte Kolleeg a Frënd Gust Stefanetti Äddi a wäerten hien a grousser Dankbarkeet an Eier halen.

Senger Famill drécke mir an dëse schwéiere Momenter eis déifst Matgefill aus.

*307491*